InFiNe
Inclusive Finance Network
Luxembourg

# Carte blanche RTL radio 2 Mei 2016

Michel Maquil, Président de InFine.lu

## Version luxembourgeoise

Virun e puer Wochen ass de Projet Microlux virgestallt ginn, deen als Zil huet zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun eng Offer vun Mikrofinanzprodukter unzebidden.

Dës Initiatif vun der ADA, dem „Appui au Développement Autonome“, soll engersäits z.B. Chômeuren oder Leit, déi kéng Aktivitéiten hunn, hëllefe sech selbststänneg ze maachen an anerersäits klengen Entrepreneuren hëllefen hiere bestehende Projet weiderzebréngen. Eng weider Aktivitéit si Krediter déi bestëmmt si fir social Entrepreneuren déi versichen Léisungen ze fannen fir gesellschaftlech oder social Probleemer ze léisen.

Et war un der Zäit datt Lëtzebuerg esou eng Infrastruktur kritt huet, well et och hei am Land ëmmer méi Leit ginn, déi sech a Situatiounen erëmfanne wou se faktesch aus dem Bankesysteem ausgeschloss sinn.

Et war iwwregens guer net einfach dëse Projet op d’Been ze kréien. Et ass vill Iwwerzeegungsaarbecht gebraucht ginn, fir d'Plaz an d’Roll vun der Mikrofinanz  an eisem spezifischen Ëmfeld ze erklären. Och fällt et ville Leit schwéier fir ze verstoe wat déi eigentlech Déngschtleeschtungen vun der Mikrofinanz sinn a virwat de Client esou héich Zënsen bezuele muss.

Et war duerfir ëmsou erfreelecher datt eis Lëtzebuerger Finanzautoritéiten dëse Projet vun Ufank u ganz positif begleet hunn. Esou gouf vun der Autoritéit dropgehalen dass am Agrément vun der Microlux als Haaptaktivitéit vun der Microlux d'Berodung an de Coaching vun de Kandidaten zréckgehale ginn ass.

Et war och ganz erfreelech dass eng grouss Lëtzebuerger Bank sech bereet erkläert huet Haaptaktionär vun der Microlux ze ginn. Dës Offer ass och nach duerch ee bénévolat vervollstännegt ginn. Et gëtt dann och nach iwwerluechtwéi Microlux duerch eng Mikroversécherung ergäenzt ka ginn.

D'Promoteure si sech bewosst datt et net einfach gëtt an datt doriwwer eraus nach vill fräiwëlleg Mataarbechter gebraucht ginn fir ënnert anerem de Leit ze hëllefen sech op eng nohalteg Aart a Weis selbststänneg ze maachen an dat besonnesch an den éischte Joere wou Microlux operationell ass.

An engem Land wéi Lëtzebuerg, wou vill Leit scho ganz fréi a Pensioun ginn, missten der genuch dorënner ginn déi, déi néideg Erfahrung hunn a bereet sinn hiert Wëssen ze deelen mat deene Leit, déi dréngend Hëllef brauchen...

Wa vill Zäit gebraucht ginn ass fir Microlux ze schafen, dann huet dat vläicht och seng gutt Säiten, well esou hunn d'Promoteure d'Erfahrung gemaach wat et heescht eng nei Entreprise opzebauen well et ass mat Sécherheet ee Fall deen si nach ganz oft an hiere neien Aktivitéite begéine wäerten.

Microlux huet sech als Zil gesat a 6 Joer de faméise „breakeven point" ze erreechen, wou d'Aktivitéiten ufäenke rentabel ze ginn. Et kann een hinnen nëmme wënschen datt si dat och erreechen.

Michel MAQUIL
Fräie Finanzberoder
Fréieren President vun der Bourse